

# Sidd responsabel. Loosst lech impfen!

D'Impfung ass déi eenzeg effikass Méiglechkeet, d'Verbreedung vum Virus nohalteg ze bremsen, an eis Stéck fir Stéck zeréck an d'Normalitéit ze bréngen. No der Impfung geet de Risiko fir sech mam COVID-19 unzestiechen, däitlech erof, an d'Stierflechkeet gëtt staark reduzéiert. All zougeloossen Impfstoffer hunn eng héich Wierksamkeet a schützen lech an Äert Ëmfeld. Fir e maximalen Effekt op d'Liewe vun eis all ze hunn, ass et wichtig, dass esou vill wéi méiglech Leit geimpft ginn.

## Déi verschidde Phase vun der Impfstrategie



### Vulnerabilitéit

#### héich vulnerabel:

- Erwuesse Persounen mat Trisomie 21
- Patiente mat engem Organtransplantat, mat abegraff Persounen déi op enger Waardelëscht stinn an eng hämatopoetesche Stammzellentransplantatioun an deenen éischte 6 Méint kruten oder mat Immunsuppressoren behandelt ginn.
- Persounen mat Kriibs oder béisaartege Blutkrankheeten a Behandlung (Chimiotherapie, Radiotherapie, Immunotherapie)
- Persounen mat ugebuerener Immunschwächt

#### signifikant vulnerabel:

- Persounen mat enger medikamentéiser Immundefizienz: Immunsuppressoren, Biotherapie an/oder eng Kortikotherapie op laang Dauer mat immunsuppressiven Dosen
- HIV-Patiente mat CD4 <200/mm<sup>3</sup>
- Asplenie, funktionell oder net
- Schwéier chronesch Longekrankheet
- Schwéier chronesch obstruktiv Bronchopneumopathie (BPCO), Stadium GOLD 3 a 4, Grupp D\*
- Mukoviszidose

- Schwéier chronesch Longefibros
- Schwéier extrapulmonal restriktiv Pathologie mat oder ouni Beootmungsënnerstëtzung
- Schwéieren onkontrolléierten Asthma (Niveau 5 no GINA) mat oraler Kortikotherapie
- Häerzinsuffizienz Stadium NYHA III oder IV#
- Onstabil koronar Häerzkrankheeten
- Kardiomyopathie
- Staarken neuro-kognitiven Defizit (MMS<sup>o</sup> <20)
- Chronesch Niereninsuffizienz mat Dialys


- Zirrhos am Stadium B oder C vun der Child-Pugh-Klassifikatioun
- Fettleibegkeet (Body Mass Index > 40 kg/m<sup>2</sup>)

#### moderat vulnerabel:

- Diabetes mat oder ouni Insulin, mat kardio-neuro-vaskuläre Komplikatounen
- Bluthéichdruck, kompliziert, mat Folge vun engem Hiereschlag oder enger associéierter Cardiopathie
- Neuromuskulär Krankheete mat klineschen Auswierkungen

## Déi gängeg harmlos Impfreaktiounen

Dës Symptomer verschwannen an der Reegel ganz no e puer Deeg. Wann dës Symptomer unhalen, oder wann aner atypesch Symptomer optrieden, da wendt lech un Ären Hausdokter.



Péng wou gepickt gouf



Middegkeet



Kappwéi



Muskelpéng



Schüttelfrost




Gelenkpéng



Féiwer

# zougeloossen Impfstoffer



**mRNA**

An dësen Impfstoffer ass de Bauplang fir ee Bestanddeel vum Virus dran – d' Buetmoleküll mRNA. Déi agesprézt mRNA dréngt nëmmen an d'Zytoplasma an, net an den Zellkär an domat och net an d'DNA. Den mRNA-Code gëtt gelies, an eng Protein iwwersat an da gëtt d'mRNA ofgebaut. D'Zelle reproduzéieren e Spike-Protein vum Virus. De Kierper entweckelt dann Antikierper géint dese Spike-Protein a kann sech sou beim Kontakt mat COVID-19 schützen.

**Vektor**

Dës Impfstoffer gebrauchen harmlos Erreger – sougenannt Vektoren. Dese Virusvektor ass net deen, dee COVID-19 verursaacht. Am Kierper agesprézt produziéiert de Virus am Impfstoff de SARSCoV-2-Spike-Protein. Dese Protein mécht net krank, mee just seng Aarbecht an da verschwëndt en. Duerch dese Prozess kann de Kierper séier eng Immunreaktioun géint de Spike-Protein opbauen a sech beim Kontakt mat COVID-19 schützen.

## 7 Grënn **FIR** d'Impfung

- 1** D'Impfstoffer si vun der EMA zougelooss a vun der EU homologéiert.
- 2** Aus Solidarität: sech impfe loossen heescht och anerer zeschützen.
- 3** Et ass dee beschte Schutz géint COVID-19
- 4** Si schützt virun engem schwéiere Verlaf vun der Krankheet
- 5** D'Stierflechkeet gëtt staark reduzéiert
- 6** Si ass fräiwëlleg a gratis fir jiddereen
- 7** Si bréngt eis Stéck fir Stéck Normalitéit